PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

Zu Lëtzebuerg si vill Persounen op der Sich no engem bezuelbare Logement. Net jidderee kann dobäi awer eng Wunneng oder en Haus kafen, mee ka just lounen. Well d'Loyeren hei am Land awer dacks ganz héich sinn, sinn si op d'Gestion locative sociale ugewisen. Dobäi setzt de Staat op d'Kooperatioun mat Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft. Duerch eng Konventioun mam Staat kréien d'Organisatiounen d'Recht, fir eng Agence immobilière sociale (AIS) opzemaachen, duerch déi Proprietairen den Organisatiounen hir Wunnengen zur Verfügung kënne stellen a steierlech Virdeeler fir d'Locatioun kënne kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Bei wéi ville Proprietäre war d'Wunneng oder d'Haus, déi elo am Kader vun der GLS verlount ginn, virdrun d'Residence principale?

2. Kann de Ministère opgeschlësselt nom Alter (20-40 Joer, 40-60 Joer, 60-70 Joer, ab 70 Joer) d'Unzuel u Leit uginn, déi eng Wunneng oder en Haus am Kader vun der GLS verlounen?

3. Kann de Minister d'Unzuel u Wunnengen an Haiser, déi am Kader vun der GLS verlount ginn, pro Gemeng a pro 1000 Awunner an der Gemeng uginn? Ginn et hei grouss Differenze bezüglech der Unzuel vun de Wunnenge respektiv Haiser oder der Gréisst vun de betreffende Logementer?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten